N°1240
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1240 vum 26 September 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Police locale"**

**Fro 1: Wéi vill Gemengepolizist:innen ginn et aktuell?**

Et gëtt keng Gemengepolizisten respektiv Gemengepolizistinnen an et wäert dëser och keng ginn. D'Unité de Police locale ass elo wärend dem Pilotprojet an och herno partie intégrante vun der Police.

Wéi ech an der zoustännecher Chamberkommissioun den 1. Juli dëst Joer erkläert hunn, besteet de Pilotprojet vun der Unité de Police locale aus 20 Polizisten fir d'Stad Lëtzebuerg a 4 Poliziste fir d'Stad Esch-Uelzecht.

**Fro 2: Et ass festzestellen, dass a verschiddene Patrullen souwuel Polizist:innen mam Bändchen "police locale" ënnerwee sinn souwéi Polizisten ouni Bännercher. Sinn dës Patrullen duerchmëscht oder wéi ass dës Konstellatioun z'erklären?**

D'Unité de Police locale ass haaptsächlech zoustänneg fir den ordre public local. Si soll eng visibel Präsenz um Terrain weise fir eng mei grouss Proximitéit zwëschent dem Bierger an der Police ze schafen an d'Sécherheetsgefill ze stäerken. Bedéngt duerch déi spezifesch Missiounen droen d' Patrulle vun der Unité de Police locale ee Bändche fir erkenntlech ze si fir de Bierger.

Donieft sollen all d' Poliziste méi präsent si fir d'Preventioun ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN